PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:32, 26/10/2020

Lëtzebuerg, den 26/10/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°2703 hat ech mech iwwert d'Juegdsyndikater informéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Op d'Fro 1.7 iwwert d'Remuneratioun vum Secrétaire-Trésorier zitéiert d'Ministesch den Artikel 28 Alinea 2 vum Juegdgesetz, dat beseet, dass d'Remuneratioun vum Deel « droit spécial » bezuelt gëtt an net däerf méi héich wéi 8% vum Pachtpräis däerf sinn.
   - Wat geschitt an deene Fäll, an deenen d'Remuneratioun vum Sekretär méi wéi 8% vum "droit spécial" bedréit?
   - Wëssend, datt d'Konten der d'Naturverwaltung matgedeelt ginn, huet d'Ministesch Kenntnis vun esou Fäll?
   - Wéi vill Mol ass et virkomm, dass d'Remuneratioun iwwert den 8% vum "droit spécial" louch?

2. Wéi d'Ministesch op meng drëtt Fro äntwert:

   > *"Vu datt duerch d'Reorganisatioun vun de Lousen déi nei Juegdsyndikater näischt méi mat deenen alen ze dinn hunn, mussen déi Dokumenter net iwwerholl ginn. Eng definitiv Ofrechnung vum ale Juegdsyndikat muss bis den 31/12/2021 un den Direkter vun der Naturverwaltung geschéckt ginn."*

   Wärend d'Bilanen an d'Rapporte vu private Societéiten um LBR musse publizéiert ginn an do "veréiwegt bleiwen", kënnen di al Juegdsyndikater hier Dossiere souzesoen "entsuergen".
   - Wär et net besser, wann d'Dossiere vun de Syndikater och géifen an elektronescher Form archivéiert a publizéiert ginn?

3. Net fir all vun den iwwert 600 Syndikater fannen sech ëmmer 3 Membres effectifs an 3 Suppleanten. Virun allem, a Fäll vu Wëldschued ass dat ee Problem, wa kee Beschloss ka geholl ginn, well d'Comitésmemberen Interessekonflikter Opweises hunn.

- Wéi gi Situatioune vu Wëldschued gehandhaabt, am Fall wou verschidde Comitéë wéinst Interessekonflikter net beschlussfäeg sinn?

4. Verschidde Gemenge pachte selwer Juegdlousen a verginn dës dann u Privatpersounen, déi dann d'Juegten däerfen duerchféieren. Et ass mir zougedroe ginn, dass an enger Gemeng am Süde vum Land, d'Gemeng den Juegdterrain onentgeltlech den Jeeër zur Verfügung stellt.
   - Huet d'Ëmweltministesch Kenntnis vun esou Praktiken?
   - Falls jo, a wéi enge Gemengen ass dëst de Fall?

5. Bis Enn Januar 2021 ginn d’Steeën vun den neien 621 Juegdlousen ofgehalen. Opgrond vun de COVID19-Mesuren gëtt den Accès zu verschiddene Steeën just den potenzielle Pächter erlaabt, esou steet et a verschiddenen Adjudicatiouns-Annoncen explizitt geschriwwen. Deemno, ass et fir d‘Propriétaire vun Terrainen a ville Fäll onméiglech, fir d’Steeën ze suivéieren an d’Präisser souwéi d’Pächter an hirem Syndikat gewuer ze ginn. Dës Virgoensweis kontrastéiert mam Caractère public vun enger Stee.
   - Huet d'Ministesch Kenntnis vun dëser Problematik?
   - Ass et virgesinn, fir an dëser spezieller Situatioun de Pächter an/oder de Pachtpräis pro Lous ze publizéieren?
   - Ginn all dës Detailer explizitt an eenzel pro Lous vun de Gemengen opgelëscht, am Aklang mam Artikel 13 vum *Règlement grand-ducal du 2 septembre 2011 déterminant la procédure et les modalités de l'adjudication publique* ?

6. Wëssend, dass déi „nei“ Juegdsyndikater fir hir Gestioun de *Myguichet* kënne benotzen an domadder déi aktuell Kadaster- a Proprietärsdonneeën zu all Zäitpunkt zu hirer Verfügung stinn:
   - Ass virgesinn, dass ee « neie » Besëtzer vun enger Parzell an engem Lous automatesch kontaktéiert gëtt (z.B. per Bréif oder Mail), fir dem Syndikat seng Donnéeën matzedeelen oder gëtt weiderhin op dem Collège des Syndicats an dem Secrétaire-Trésorier hir Beméiungen vertraut, wuel wëssend, dass net ëmmer deen néidegen Engagement am „Propriétaire-siche-goen“ un den Dag geluecht gëtt? Falls d'Ministesch op d'Initiativ vum Juegdsyndikat setzt, wéi gëtt dësen Engagement an Zukunft kontrolléiert?
   - Wéi kann een neie Proprietär sech informéieren, wien seng Kontaktpersounen an engem bestëmmte Syndikat sinn? Ass virgesinn, eng aktualiséiert Lëscht vun dësen Donnéeën ze publizéieren, eventuell um Site vun der ANF? Oder kréien d'Notairen des Donnéeën matgedeelt fir se un d'Acquereuren vun Terrainen an engem bestëmmte Lous virunzeginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 30 novembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 08:49, 01/12/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°3040 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3040 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°3040 vum 26. Oktober 2020 vun dem éirewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Juegdsyndikater**

***1. Op d'Fro 1.7 iwwert d'Remuneratioun vum Secrétaire-Trésorier zitéiert d'Ministesch den Artikel 28 Alinea 2 vum Juegdgesetz, dat beseet, datt d'Remuneratioun vum Deel « droit spécial » bezuelt gëtt an net däerf méi héich wéi 8% vum Pachtpräis däerf sinn.***
***Wat geschitt an deene Fäll, an deenen d'Remuneratioun vum Sekretär méi wéi 8% vum "droit spécial" bedréit?***

Wann sech ee Secrétaire-Trésorier méi wéi 8% vum Pachtpräis ausbezuelt huet, ass dat net legal. De Collège des syndics (Comité) dierf dat och net zouloossen. Bei der jäerlecher Approbatioun vum "compte définitif" muss de Comité dorop oppassen.

Wann dat awer duerchgaang ass, kann all Member vum Juegdsyndikat (d.h. all Propriétaire vun enger bejobarer Fläch) beim Comité eng Verbesserung ufroen an eventuell och froen datt de Secrétaire-Trésorier déi Suen déi hien zevill krut nees zeréckbezuelt. Wann dësen dat net mécht, kann hee vun de Propriétairen um ziville Plang ugesicht ginn.

Wann d'Naturverwaltung Kenntnis vun esou engem Fall kritt, gëtt de Comité dorop higewisen, an dee Fall gëtt suivéiert.

***Wëssend, datt d'Konten der d'Naturverwaltung matgedeelt ginn, huet d'Ministesch Kenntnis vun esou Fäll?***

D'Konte ginn der Naturverwaltung net matgedeelt. D'Naturverwaltung kritt just de Certificat vun der Publikatioun vun de Konten. (Art.43 Punkt 5 vum Juegdgesetz)

***Wéi vill Mol ass et virkomm, datt d'Remuneratioun iwwert den 8% vum "droit spécial" louch?***

Et ass säit 2012 (dem Ufank vun den aktuelle Pachtverträg) eng Reklamatioun erakomm. Dëst awer eréischt esou rezent, datt d'Dokumenter nach net konnte gepréift ginn.

***2. Wéi d'Ministesch op meng drëtt Fro äntwert:***

***"Vu datt duerch d'Reorganisatioun vun de Lousen déi nei Juegdsyndikater näischt méi mat deenen alen ze dinn hunn, mussen déi Dokumenter net iwwerholl ginn. Eng definitiv Ofrechnung vum ale Juegdsyndikat muss bis den 31/12/2021 un den Direkter vun der Naturverwaltung geschéckt ginn."***
***Wärend d'Bilanen an d'Rapporte vu private Societéiten um LBR musse publizéiert ginn an do "veréiwegt bleiwen", kënnen di al Juegdsyndikater hier Dossiere souzesoen "entsuergen".***
***Wär et net besser, wann d'Dossiere vun de Syndikater och géifen an elektronescher Form archivéiert a publizéiert ginn?***

Vill Syndikater sinn nach op Pabeier geréiert ginn. D'Ofrechnunge gi versuergt. Eng digital Copie dovu wier ressourcenintensiv a bréngt kee Surplus. Wat aner Dokumenter ugeet ass Kontakt mat den Nationalarchiven opgeholl ginn, fir eventuell eng Prozedur opzestellen.

***3. Net fir all vun den iwwert 600 Syndikater fannen sech ëmmer 3 Membres effectifs an 3 Suppleanten. Virun allem, a Fäll vu Wëldschued ass dat ee Problem, wa kee Beschloss ka geholl ginn, well d'Comitésmemberen Interessekonflikter Opweises hunn.***
***Wéi gi Situatioune vu Wëldschued gehandhaabt, am Fall wou verschidde Comitéë wéinst Interessekonflikter net beschlussfäeg sinn?***

Am Fall vu Wëldschued geet et duer wann 2 Membere vum Comité ënnerschreiwen. Bis elo ass dat nach ëmmer méiglech gewiescht.

No de Generalversammlungen déi dëst Joer woren, kann zréckbehal ginn, datt et bei quasi alle Juegdsyndikaten ee Comité gëtt. Ronn eng Dose Lousen hu kee Comité. Dobai kann ee präziséiren, datt déi Lousen déi kee Comité hunn, Louse sinn déi just ee Propriétaire hunn (Minett) oder déi net bejobar sinn (Findel, Stad Lëtzebuerg,...).

***4. Verschidde Gemenge pachte selwer Juegdlousen a verginn dës dann u Privatpersounen, déi dann d'Juegten däerfen duerchféieren. Et ass mir zougedroe ginn, datt an enger Gemeng am Süde vum Land, d'Gemeng den Juegdterrain onentgeltlech den Jeeër zur Verfügung stellt.***
***Huet d'Ëmweltministesch Kenntnis vun esou Praktiken? Falls jo, a wéi enge Gemengen ass dëst de Fall?***

Nee. De genannten Szenario ass och net verbueden. D'Gemeng décidéiert selwer, wéi se hiert Lous geréiert.

***5. Bis Enn Januar 2021 ginn d'Steeën vun den neien 621 Juegdlousen ofgehalen. Opgrond vun de COVID19-Mesuren gëtt den Accès zu verschiddene Steeën just den potenzielle Pächter erlaabt, esou steet et a verschiddenen Adjudicatiouns-Annoncen explizitt geschriwwen. Deemno, ass et fir d'Propriétaire vun Terrainen a ville Fäll onméiglech, fir d'Steeën ze suivéieren an d'Präisser souwéi d'Pächter an hirem Syndikat gewuer ze ginn. Dës Virgoensweis kontrastéiert mam Caractère public vun enger Stee.***
***Huet d'Ministesch Kenntnis vun dëser Problematik?***

Jo. Effektiv haten a verschiddene Fäll déi potentiell Piechter „Virrecht" fir an de Sall ze goen. Wann dann, am Respekt vun de COVID 19 -Mesuren, nach Plaz am Sall war, konnten och nach aner Leit erakommen. D'Steeë gi jo vun deene Leit duerchgefouert (Comité) déi vun all de Propriétairen vu bejobare Fläche vun engem Lous dofir gewielt goufen.

***Ass et virgesinn, fir an dëser spezieller Situatioun de Pächter an/oder de Pachtpräis pro Lous ze publizéieren?***

D'Approbatioun vun dem Minister fir Ëmwelt gëtt publizéiert. D'Proprietaire kréien an Zukunft iwwer MyGuichet d'Informatioun, wéivill si fir hier Terrainen u Pachtgeld zegutt hunn. Natierlech huet all Propriétaire d'Recht dee Kontrakt beim Comité anzegesinn, dee seng Terrainen concernéiert.

***Ginn all dës Detailer explizitt an eenzel pro Lous vun de Gemengen opgelëscht, am Aklang mam Artikel 13 vum Règlement grand-ducal du 2 septembre 2011 déterminant la procédure et les modalités de l'adjudication publique?***

Nee. Dem hei genannte Reglement no gëtt d'Approbatioun vum Kontrakt an de Raider vun de Gemenge publizéiert, hei den Text vum Reglement: "*Dès réception de l'approbation du ministre, le collège des syndics fait procéder pendant une période de quinze jours à l'affichage de ladite décision tel que prévu à l'article 36 de la loi du 25 mai 2011 relative à la chasse*."

***6. Wëssend, datt déi „nei" Juegdsyndikater fir hir Gestioun de Myguichet kënne benotzen an domadder déi aktuell Kadaster- a Proprietärsdonneeën zu all Zäitpunkt zu hirer Verfügung stinn:***
***Ass virgesinn, datt ee « neie » Besëtzer vun enger Parzell an engem Lous automatesch kontaktéiert gëtt (z.B. per Bréif oder Mail), fir dem Syndikat seng Donnéeën matzedeelen oder gëtt weiderhin op dem Collège des Syndicats an dem Secrétaire-Trésorier hir Beméiungen vertraut, wuel wëssend,***

***datt net ëmmer deen néidegen Engagement am „Propriétaire-siche-goen“ un den Dag geluecht gëtt?***

De Secrétaire-Trésorier kritt iwwer MyGuichet all Joër de Rôle (also d’Lëscht vun de Proprietairen aus dem Lous, mat der jeeweileger Fläch vun der bejobarer Proprietéit) zur Verfügung gestallt.

Am MyGuichet kritt de Propriétaire (baséirend op d’Donnéeë vum Kadaster) ugewisen, a wéienge Juegdlouse seng Proprietéite leien. Hei kann een och de Juegdsyndikater séng Kontosnummer iwwermëttelen. De Proprietaire kann och am Kadaster-Deel vu MyGuichet seng ganz Proprietéite kucken. Dëst soll ee natierlech iwwerpréiwen a bei Feeler och verbessere loossen.

Dëst misst also derzou féieren, datt d’Lëscht korrekt an à jour ass, an datt d’Kontosnummere gréisstendeels richteg sinn.

***Falls d'Ministesch op d'Initiativ vum Juegdsyndikat setzt, wéi gëtt dësen Engagement an Zukunft kontrolléiert?***

Et ass net um Juegdsyndikat dem Propriétaire „nozelafen“, mee um Propriétaire sech beim Syndikat ze mellen. Dëst ass elo iwwer d’Prozedur am MyGuichet esou einfach wéi nach ni. Wann duerch Reklamatiounen opfällt, datt an engem Lous net reegelméisseg ausbezuelt géif ginn, gëtt mam Syndikat Kontakt opgeholl.

***Wéi kann een neie Proprietär sech informéieren, wien seng Kontaktpersounen an engem bestëmmte Syndikat sinn? Ass virgesinn, eng aktualiséiert Lëscht vun dësen Donnéeën ze publizéieren, eventuell um Site vun der ANF? Oder kréien d'Notairen des Donnéeën matgedeelt fir se un d'Acquereuren vun Terrainen an engem bestëmmte Lous virunzeginn?***

De Proprietaire kritt op MyGuichet de Kontakt vum Secretaire-Trésorier vun deem Lous wou hie bejobar Proprietéiten huet ugewisen. Des Kontakter ginn aus Dateschutzgrënn net ënner Lëschteform publizéiert.

Wéi schon hei driwwer beschriwwen, kritt de Secrétaire-Trésorier de Rôle virum Ausbezuelen zur Verfügung gestallt, mat den Donnéeë wéi se dee Moment am Kadaster respektiv der Publicité foncière agedroe sinn.